

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 22. Juli gouf ënnert dem Titel "*Die Omertà der Opfer*" en Artikel am Lëtzebuenger Wort publizéiert, dee sech mat enger dramatescher Gewalteskalatioun bei jonken, dacks mannerjäregem Leit befaasst. Ënnert dem zynesche Begrëff "Happy Slapping" dinn sech Gruppe vu jonke Leit zesummen, déi sech gezielt Affer aussichen, fir dësen opzelaueren, se hemmungslos zesummenzeschloen an dës Doten och nach ze filmen an am Internet ze verëffentlechen. Den Artikel verweist weider dorop, datt déi Täter, déi bis ewell vun der Police konnten identifizéiert ginn, dacks nach am schoufflichtegen Alter sinn an op mannst eng vun dësen Doten sech an engem ëffentleche Lycée ofgespillt huet. D'Schoul ass e Raum, wou d'Kanner naturgeméis ganz enke Kontakt hunn a sech an deenen allermeeschte Fäll ganz flott Frëndschaften entwéckelen, mee wou sou Täter, wéi se am Artikel beschriwwen ginn, mat der néideger Entschlossenheet och e ganz fruchtbare Buedem fannen, falls net vun Ufank u konsequent intervenéiert gëtt.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Sinn der Regierung déi am Artikel genannte Banden bekannt? Ginn et nach aner änlech Banden?
- 2) Ass der Regierung bekannt a wéi enge Lycéeën d'Membere vun deenen am Artikel genannte brutale Banden ageschriwwen sinn? Ass hei eng gewësse regional Konzentratioun feststellen? Ginn d'Direktiounen vun de Lycéeën doriwier informéiert?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit d'Direktiounen vun de Lycéeën, an deenen d'Täter aktuell hirer Schoufflicht noginn, preventiv iwwert déi entsprechend Identitéiten informéiert goufen, fir, datt si am Eeschtfall direkt kënnen agräifen an Affer an Täter sou wäit wéi méiglech vun eneen ze trennen?
- 4) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit d'Zerwieser vum SEPAS scho mat deem beschriwwene Gewaltphenomeen an och mat de genannte Banden befaasst goufen, fir d'Affer am Eeschtfall sou gezielt wéi méiglech kënnen ze betreien?
- 5) Wat gëtt alles konkret gemaach fir d'Omertà ze duerchbriechen an Schüler, déi bedreet ginn, effektiv ze beschützen, an der Schoul, um Schoulwee an och soss?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten